D’Fondatioun an hir Projeten

D’Fondatioun Lëtzebuerg – El Salvador gouf 2003 gegrënnt fir humanitär Wierker an Entwécklungsprojeten ze finanzéieren.

Kannerhaus zu Santa Ana:

Hëllef bei Schoulproblemer, medizinesch a psychologesch Betreiung, Ëmwelterzéiung, Drogen- a Gewaltpreventioun, sportlech a kulturell Animatioun, Zesummenaarbecht mat den Elteren.

Handwierks- a Konschtateliere fir Jugendlecher zu Santa Ana:

Kachen, Baken, Musek, Bitzen, Informatik, Metallaarbecht.

Hëllef a grousser Nout:

Onbürokratesch Hëllef bei Naturkatastrophen a bei Krankheet ; Verdeelung vun Iesswueren u ganz arem Kanner a Familjen; Boursë fir Studenten; subsidiär Finanzéierung vun der Erwuessebildung zu La Majada.

Wunnéngsbau:

Éischte Projet 2009 - 2012 mat 150 klengen Haiser zu El Jobal an zu La Bendición ; zweete Projet 2014 – 2016 mat 100 Wunnéngen an de Gemenge San Agustín a Puerto el Triunfo

Véier Gesondheetshaiser an en Ambulanzboot:

2013 - 2015 Neibau, Vergréisserung resp. Renovéierung vu “Clínicas”op den Inselen Espíritu Santo a Méndez an zu Linares; Asaz vun deem éischten Ambulanzboot an El Salvador.

Mini-Entreprisen um Land:

Vun 2012 un Formatioun an Ënnerstëtzung vun aarme Leit fir e klengen eegestännege Betrib ze grënnen, z.B. eng Héngerziichterei, eng Bitzstuff, eng Bäckerei, eng kleng Kantinn, e Konschtatelier …

Fraenhaus zu San Salvador:

zënter 2007 een Ënnerdaach fir Fraen an akuter Nout, z. B. Affer vu Gewalt, Mamme vu schwéier kranke Kanner.

Formatioun vu jonken Animateuren:

Vun 2014 bis 2017 zu Mejicanos eng Ausbildung mat prakteschen Aktivitéite fir Jugendlecher vu 14 bis 24 Joer. Entwécklung vu soziale Kompetenzen a Gewaltpreventioun.

Aner punktuell Projeten

si geplangt, ënner anerem an de Beräicher Gesondheet a Waasserversuergung. D’Fondatioun wëllt de Leit hëllefen, sech selwer ze hëllefen.

FONDATION LUXEMBOURG – EL SALVADOR
30, rue J.-P. Beckius, L-6671 Mertert
Tel. 74 80 93. luxelsa@pt.lu
www.elsalvador.lu
facebook.com/hellefelsalvador
CCPL LU73 1111 2119 9449 0000
BILL LU47 0024 1691 8554 5100

Fondation Luxembourg-El Salvador

Lëtzebuerg hëlleft El Salvador

… ënnerstëtzt

d’Wierker vum Abbé Henri Gloden

a vun der

Fondatioun Lëtzebuerg– El Salvador

El Salvador, dat klengste Land an Zentralamerika

- Gréisst: 21.041 km2 (8mol sou grouss wéi Lëtzebuerg)
- Lag: an Zentralamerika, tëschent Guatemala, Honduras, Nicaragua an dem Pazifik
- Bevëlkerung: 7 Milliounen Awunner (14mol méi wéi a Lëtzebuerg), meescht Mestizen, 2 Milliounen als Auswanderer an den USA; vill Leit ouni Aarbecht
- Sprooch: spuenesch
- Staatsform: Republik
- Haaptstad: San Salvador
- Relief vum Buedem: Héichplateau mat Vulkane bis 2730 m, Pazifikküst vun 307 km
- Klima: subtropesch, ëm déi 24° am Duerchschnëtt
- Economie: Ubau vu Kaffi, Mais, Bounen, Zockerrouer, Räis. Wéineg Industrie
- Kultur: Afloss vun Indios/Mayas, vu Spuenier, vun den USA.

Vill Leit am Misär

Iwwer 48% vun den Awunner liewen ënnert der Aarmuttsgrenz. Vill Leit hu keng Beschäftegung a versichen, als Doléiner an de Plantagen hiert Liewen ze verdéngen. Do kann e Landaarbechter ëm déi 3 US-Dollar pro Dag kréien, awer nëmme sou laang wéi Aarbecht do ass.

Äerdbiewen, Vulkanausbréch, Tropestierm an Iwwerschwemmungen hannerloossen ëmmer erëm schrecklech Schied an treffe just déi aarm Familjen am schlëmmsten. Si mussen dann ënner miserable Bedingunge liewen.

Um Land feelt et dacks u propperem Waasser, u medizineschen Déngschter, un Transportméiglechkeete fir an d'Schoulen an op d'Aarbechtsplazen. Déi heefegst natierlech Doudesursaach sinn Nirekrankheeten.

D'Kriminalitéit ass extrem héich: pro Joer ginn ëm déi 4000 Mënschen ëmbruecht. Déi meescht Muerde ginn op de Kont vu Streidereien ënnert kriminelle Jugendbanden (Maras).

Déi arem Familjen hunn net seele 5 bis 8 Kanner. Vill Eltere kënne sech net genuch ëm hir Kanner këmmeren. Si schécken se

schaffen amplaz an d'Schoul. An der Hoffnung, eng Aarbecht ze fannen, zéien d'Männer vum Land an d'Groussstied oder wanderen illegal an d'USA aus. An den zerrappte Famille fannen d'Kanner net méi déi néideg Ënnerstëtzung.

Den Abbé Henri Gloden

Den Henri Gloden verbréngt seng Kanner- a Jugendzäit zu Mäertert. Hie studéiert am Iechternacher Lycée an op der Universitéit zu Louvain. Als jonke Geeschtlechen geet hien 1969 an El Salvador. Do ass hien eng Zäit laang Paschtouer an engem extrem aarme Quartier vu Santa Ana; spéider schafft hien am Seminaire vun der Haaptstad a setzt sech voll an den Déngscht vu Priesteraspiranten a vun den äermste Salvadorianer.

Mat der finanzieller Hëllef vu Lëtzebuerger Frënn a Bekannte sinn de Formatiounszenter zu La Majada an d'Kannerheem mat den Atelieren zu Santa Ana entstan.